

## De Kribsewé

Wann d'Hallefnuecht bruckt iwer d'Schibbrecher Schlass  
da wéimert de Keizche mat raschtejer Strass;  
de Fiisjen de billt bal biergop a biergof,  
an d'Echelen huupsen a fanne ké Schlof.  
Emglönnert ass d'Schlass mam zerbölzte Gesiicht,  
an d'Kummer am Tuur ass mat Kärze beflicht.  
Do sötzen drei Rötter beim knubblechen Dösch,  
en Téinen an Dédechen haalt durch de Bösch.  
Dé Wölle vu Wölwerwoltz birelt sech blo,  
den Eischer, dé Schibbrecher kommen net no.

Nach drekt op dém ale Gemeier  
de Fluch, dén de Jupp huet gedoon,  
wé hie fir dem Barong sei Geier  
huet missen de Kriipsewé schloon.

Et sötzen drei Rötter beim Wein mat der Kaart,  
dat ass en Tornéiren do héich iwer d'Paart.  
De Barong vu Schibbrech huckt do sou bleech,  
ei, géif en dach spinnen, e kriit jo de Streech!  
Dach stuerkt en an zekt mat vergeeschtertem Blék,  
sou grous wéi e Schof séetzt e Kiips him um Rék;  
dé schléit him seng Geisslen ein d'Kopp, op de Baak,  
an d'Zaangen zerbeissen den Hals an den Aak.  
Eng Hellewull Kriipsen, e wabblechen Trapp  
déi kommen nach hannen, do geet him den Dapp.

Sou klonkt un dém ale Gemeier  
de Fluch, dén de Jupp huet gesprach;  
well d'Kriipsen déi koumen hien deier:  
de Jupp huet de Wé hei gebrach.

Daat ass nach de Fluch, dén de Jupp huet gedoon;  
an d'Fielz huet e missen de Kriipsewé schloon.  
De Jupp huet verbènzt gier gekriipst a geföscht,  
du gouf e vum Barong beim Kriipsen erwöscht.  
De Jupp musst de Kriipsewé briechen zur Strof,  
de Fluch hölt dem Barong am Graaf nach de Schlof.  
Verangscht ass sei Spinnen, him klabbert d'Gebék,  
him krabbelen d'Kriipsen sou kal op de Rék. -

Do trappt et durch d'Hecken, well d'Auer schléit Eng;  
all Geeschter verschwannen an d'Luucht ass rem rèng.

Verdreeemt op dém ale Gemeier  
gin d'Stieren am fröndleche Bou,  
de Bierch ass rem stöll a geheier,  
d'Gedéisch könnt och nés zur Rou. -

(Franz Binsfeld)

<https://www.autorenlexikon.lu/page/author/580/580/DEU/index.htm>

|